

Mir kommen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdung, d'Diskussioun vum Projet de loi 4505. Et si bis elo ageschriwwen: d'Häre Schank, Wohlfart, Bettendorf, Colombera, Huss a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Alexandre Kriepps.

## **8. Projet de loi 4505 portant approbation de la Convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible utilisé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs, fait à Vienne, le 5 septembre 1997**

*Rapport de la Commission de l'Environnement*

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4505 befaasst sech mat der Ratifikatioun vun der Wiener Konventioun vun 1997 iwwert d'Sécherheet vun der Gestiou vun den nuklearen Offäll. Et geet also ëm d'Gestiou vun der Endlagerung, dat heescht den Transport an d'militäresch Offäll si vun dëser Konventioun ausgeholl.

Dës Konventioun reit sech d'ailleurs an eng Suite vu Konventiounen an, ënner anerem déi iwwert d'Nuklearsécherheet vun 1994. Fakt ass, dass op dëser eiser Welt vill Atomoffäll sinn, elo schonn, a folglech, ob een et gären huet oder net, mussen déi Atomoffäll entsuergt ginn. Mir verweisen op déi extensiv Dokumentatioun, déi Dir kritt hutt, haaptsächlech déi Kolleege, déi an der zoustänneger Kommissioun setzen.

An dësem Jorhonnert, dat gouf schonn hei op der Tribün gesot, ass dat hei e Sujet, dee permanent mat eis wäert weidergoen, well déi Entsuerung erstreckt sech iwwer Jordausenden oder souguer Honnerte vu Jordausenden. A Frankräich gëtt déi heiten Diskussioun säit 10 Joer an an Amerika säit 14 Joer gefouert.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Dat stéiert mech guer net. Loosst e viru schwätzen, Här President!

**M. le Président.**- Da fuert virun, Här Kriepps!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Et lauschtert souwisou keen deem aneren no!

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Et ass effektiv esou, mä dat ass och net schlëmm.

*(Hilarité)*

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dat ass oft grad sou gutt!

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Ech mengen, bei lech lauschteren der nach manner no, wann ech

dat esou kucken, mä mir sinn hei net op engem d'DP-Nationalkongress. Dir kommt d'nächst Joer drun, maacht lech keng Suergen.

An Amerika sinn 108 Atomwierker, déi hiren Atom-müll op hire Sitë stockéieren. Rezent zum Beispill - fir déi Leit, déi sech fir d'Geographie interesséieren - ass d'Debatt lass getréppelt ginn, fir ënnert dem Yucca-Bierg am Nevada deen Atommüll ze stockéieren. A Russland huet den 18. Abrëll d'Duma decidéiert, Nuklearoffäll ze importéieren, folglech wäert do och en ekonomeschen Aspekt dermat verbonne sinn. Mir gleewen hei net, dass eist klengt Lëtzebuerg, dat vun dräi Nuklearlänner ëmginn ass, déi allen dräi déi Konventioun ënnerschiwwen hunn, sech vun dësem Problem kann distanzéieren. Déi Konventioun soll eis net egal sinn. Et geet hei ëm d'Endlagerung vun deene Produkter an dat net nëmmen an eise Grenzgebieder. Eis interesséiert och, wat mat dem Atom-müll an Argentinien oder am Pakistan geschitt.

Ech géif mengen, hei zwee Leit missen ervirzehiewen. Deen éischten duerch säi verbassenen Asaz zu Wien, de fréiere Patron vum Strahleschutz, den Här Paul Kayser, deen et Lëtzebuerg erméiglecht huet, Accès zu deenen Dossieren am Ausland ze kréien, esou laang natierlech dës Länner matmaachen. Wa se net matmaachen, sinn awer Schlichtungsinstanze virgesinn. Zumindest ka Lëtzebuerg op dee prozeduralen Oflaf en Afloss kréien, och wann et net nécessairement um Contenu en Afloss huet.

En anere Mënsch, deem ech hei merci soen - an dat hunn d'Kolleege an der Chamberkommissioun materlieft -, ass de Michel Feyder, och e Strahleschützer, an deen huet eis iwwer e puer Problemer opgekläert, ënner anerem d'Reversibilitéit - et sinn Noriedner vu mir, déi doriwwer schwätze wäerten -, d'Gefor fir d'Grondwaasser, d'Mémoire administrative a verschidden Aarte vun Atommüll, déi momentan op der Iwwerfläch stockéiert gi bis se ofgekillt sinn, nëmme fir lech ze soen, wéi laang dat dauert. Hei ass also e Problem, deen haaptsächlech och en ethesche Problem ass. Och wa verschidde Länner - an den Här Huss wäert eis herno doriwwer ënnerhalen - aus der Nuklearindustrie erausklammen, wäerte se nach iwwert Jordausende missen den nuklearen Know-how beherrschen, fir dat alles ze entsueren, wat mer elo schonn hunn.

Och zu Lëtzebuerg misste mer déi Verwaltung, déi sech dodrëm bekëmmert, personalméisseg opstocken an op auslännesch Expären zrëckgräifen. Dat ass noutwendeg.

Een anere Problem, deen op eis duerkënn: Loosse mer déi Sécherheetsnormen ausschliesselech vun den Atombehörde fixéieren oder souguer vun Organisme wéi a Frankräich déi Agence nationale pour les déchets radioactifs, déi zwar onofhängeg ass, awer do misst ee vu vireran - an den Här Huss wäert och

do mat mir d'accord sinn - direkt déi gréng Ëmweltexpären mat abezéien? Sait Tschernobyl ass hei d'Politik gefuerdert, net nëmmen d'Wëssenschaft. Och däerfe mer déi zukünfteg Generatiounen net belaaften. Perséinlech gleewen ech, dass déi Konventioun mat eise franséische Frënn an Noperen nei Méiglechkeeten opmécht no deene 15 Joer vu schwéierem Verhältnis op dësem Feld weinst Cattenom. Ech mengen, dass duerch d'Randificatioun vun dëser Prozedur, eng nei Collaboratioun mat Frankräich op dësem Gebitt méiglech ass, amplaz dass mer eng Konfrontatioun hunn.

Ech soen lech villmools merci.

**M. le Président.-** Den Här Marco Schank huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Alexandre Krieps huet an engem präzisen an ausféierleche schrëftleche Rapport eis déi néideg Donnéeë viruginn. Ech soen him vun dëser Plaz aus dofir merci a bréngen direkt den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet.

Ech wëll just eng, zwou Saachen eraushiewen. Begrëffer wéi Sellafield, La Hague oder Gorleben sti fir Siten, déi d'Problematik vun der Atomenergie dokumentéieren. Si tauchen dauernd an de Medien op, wann Transporter gemaach ginn, Transporter, déi benotzt Brennelementer, respektiv Atommüll vun engem AKW an eng Erëmpbereedungsanlag oder an e sougenannt Endlager féieren.

Deem Gesetzesprojet, dee mer elo virleien hunn, läit eng Konventioun vum September 1997 zugrond, déi zu Wien ënnerschriwwen ginn ass, an déi als Zil huet, dem Ëmgank mat gebrauchte Brennelementer an Atommüll méi eng grouss Sécherheet ze ginn. D'Konventioun viséiert virun allem déi Anlagen, End- oder Tëschelageren, déi den Atommüll solle während Jorhonnerten, respektiv Jorhonnerten sécher stokeieren. Et ass grad do, wou dat Doutgefëierlecht vun der Notzung vun der Atomenergie erauskënnt, well mer ganz däitlech d'Zukunft vun deene Generatiounen, déi no eis kommen, hypothequieren.

Dës Konventioun ass trotzdem fir eist Land vu grousser Wichtigkeet. Mir sinn eent vun de klengste Länner. Mir si vun dräi Nopeschlänner ëmginn - de Rapporteur huet dat och geschriwwen -, déi Atomkraaft notzen.

D'Bestëmmungen aus dëser Konventioun leeën dës Länner an Zukunft Restrictiounen op, wat den Dépôt eventuell no bei eise Grenzen ugeet, respektiv och déi néideg Moyene fest, fir de Minimum vu Strahle fir d'Populatioun ze garantéieren, zumindest theoretesch, an ech géif mengen, datt et vun dohier sënnavoll wier, déi Konventioun ze stäipen an ze stëmmen.

De Rapporteur huet och gesot, datt eis national Interesse vläicht doduerch gewahrt goufen, am Kader vun dëser Konventioun, well eng gewëss Tenacitéit vu Lëtzebuerg aus an deem Comité international vun der Agence internationale de l'Energie atomique zu Wien gespillt huet, an ech géif och mengen, datt et gelonge wier, eis Positioun däitlech ze maachen am Kader vun deenen Natiounen, déi d'Atomenergie notzen a ronderëm sinn.

Ech mengen, dat sécherst AKW ass dat, wat ni un d'Netz gaangen ass, an an der Erwaardung, datt eis Nopeschlänner awer iergendwann draus eraus klammen, ...

*(Interruption)*

...wëll ech nach eng Kéier op d'Noutwendegkeet vun dëser Konventioun hiweisen an lech opfuerderen, dës Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Georges Wohlfart ass als nächsten Diskussionsriedner agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

**M. Georges Wohlfart (LSAP).** - Här President, Mme Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëilt virop dem Rapporteur merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hie mécht et sengen Noriedner méi lichter, fir heizou Stellung ze huelen.

Ech mengen, et wier richtig, dass een drun erënnert, dass dës Konventioun, déi mer hei hoffentlech net enger grousser Majoritéit stëmme wäerten, sech areit an eng ganz Rei vu Konventiounen, déi Lëtzebuerg zanter 89 am Dossier vun der Atomenergie an dem Nuklearen am allgemenge ugeholl huet. Et geet ëm de Schutz vun der Gesondheet vun de Leit, a wann ee weess, dass déi Problematik net an zwou, dräi Generatiounen eriwwe ass, mä dass mir eis a wärscheinlech och déi nofolgend Generatiounen während Jorhonnerten musse mam Problem vun der Entsuerung an der Endlagerung auseneesetzen, dann ass et scho wichtig, dass mer hei och e puer Wuert soen iwwert dës Konventioun, déi zu Wien ënnerschriwwen gouf.

Eist Land ass ëmgi vun dräi Nopeschlänner, déi op jidde Fall fir déi nächst Joren nach allen dräi zum Deel op d'Atomkraaft bei der Stroumproduktioun setzen, an ech mengen, et ass wichtig, dass mer eis an dëser Konventioun och Moyene ginn, fir kënnen eis Meenung ze soen an deem Dossier, well net nëmmen déi dräi Nopeschlänner Atomkraaftwierker hunn, déi funktionnéieren, mä och nach manner strikt Oplagen, wat d'Belaaschtung ugeet.

Et ass also wichtig, dass an dëser Konventioun festgehale gëtt, dass et beim Choix vun engem Site vun der Entsuerung vun den Atomoffäll net méiglech ass, engem Nopeschland inacceptable Auswierkungen

zouzemudden. Ech mengen, dat wier an deem Fall, dass een net dem Fait géif Rechnung droen, dass Lëtzebuerg méi strikt Oplagen an deem Domaine huet.

Ech wëll nach eng Kéier ganz kuerz drun erënneren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass et virun enger Rei Jore grouss Opregung gouf am Norde vum Land, wéi eis belsch Noperen no engem Site fir sou eng Atomendlagerung gesicht hunn, an ähnlech, mengen ech, ass méi rezent um Site vu Bure bei Bar-le-Duc de Fall gewiescht. Ech wier frou, wann d'Mme Ausseminister eis vläicht kéint soen, wéi d'Evolution an deem Dossier ass, ob do an deene leschte Méint sech iergendwelch méi konkret Evolutionen erausgeschiet hunn.

Ech mengen, mir hunn och duerch des Konvention glécklecherweis eng Rei zolidd juristesche Mëttelen, fir eis zur Wier ze setzen. All d'Informatiounen musse matgedeelt ginn. Ech wëll och op de Prozess vun de Consultatiounen hiweisen, an da, beim Désaccord, selbstverständlech op déi verschidden international Prozeduren wéi Vermëttlung, Schlichtung an Arbitrage.

Aus deene Grënn, déi ech elo just ugefouert hunn, déi eis et erlaben, eis Intérëten duerchzusetzen an ze verteidegen, bréngen ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun.

Ech géif lech merci soe fir d'Opmierksamkeet.

**Une voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Spriecher sollt haut de Marco Schroell sinn. Ech gräifen dofir, well den Här Schroell net kann hei sinn, op seng Noten zréck. Selbstverständlech wëll ech awer, wéi all déi aner Kollegen och, dem Alexandre Krieps merci soe fir säi gudde schrëftlechen an ausféierleche Bericht.

Mat der Ratificatioun vun der Convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible usé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs vu Wien kritt Lëtzebuerg en eminent wichtegt Instrument am Beräich vun den Déchets nucléaires. Prezis geet et ëm d'Protectioun vun engem Land, wat des Konvention ratifizéiert huet, deem säin Noper envisagéiert, e Site ze siche fir en Dépôt vu sengen nuklearen Offäll. Mat deem Instrument kënnen mir eis als Lëtzebuerg elo konkret dofir asetzen, dass sou en Dépôt keng inacceptabel Nuisancë fir eis Bevëlkerung kann hunn.

Ech wëll net op den Detail vun deem Gesetzesvorschlag a vun der Wiener Konvention agoen. Dat huet de Rapporteur op seng eegestänneg a kompetent Manéier ganz gutt gemaach. Ënnersträiche wëll ech awer, dass et elo net méi eleng an der Verantwortung vun engem Land läit, fir déi gesondheetlech

an aner Auswierkungen vu sengem nuklearen Dépôt op d'Awunner vu sengem Nopeschland ze analyséieren a feststellen, mä dass et elo d'Nopeschlänner selwer sinn, déi des Méiglechkeet hunn.

Des Dispositioun erméiglecht et all Nopeschland, wat vu sou engem Projet betrafft ass, sech en toute connaissance de cause ze prononcéieren a sech mat wëssenschaftlech fundéierten Argumenten an Awänn kënnen géint sou e Projet ze wieren. D'Entscheidung fir oder géint e Site gëtt also aus dem reng technischen Kader erausgeholl a muss elo op engem politeschen Niveau finalement getraff ginn.

Ech wëll mech a menger Interventioun nëmmen op e puer Deelaspekter vun der komplexer Matière beschränken: Dat wier engersäits d'Reversibilitéit oder d'Irréversibilitéit vun engem Dépôt nucléaire, an et wieren anersäits konkret Projeten, déi vu Frankräich envisagéiert sinn an eis als Lëtzebuerg direkt concërnéieren.

Fir elo op de leschte Punkt ze kommen, wësse mir, dass Frankräich amgaangen ass, e puer Laboratoires de recherche souterrains opzerichten, fir déi geologesch Konditiounen ze präifien a 500 Meter Déift. Un Hand vun de Resultater soll d'franséisch Parlament am Joer 2006 eng Décisioun vum beschte Site huelen, fir op där Plaz en Dépôt pour déchets nucléaires ze realiséieren.

Operationell wier dësen ënnerirdeschen Dépôt am Joer 2020. Stockéiert sollen do 5.000 Tonne vun Déchets nucléaires vun der Kategorie C ginn, d. h. déi Décheten, déi héichgradeg radioaktiv a vun enger ganz laanger Durée de vie sinn. D'Ofbauzeit vun de radioaktiven Emissiounen léisst sech hei nëmmen an Zäitramm moossen, déi iwwert dat normaalt Mënschendenken eraus ginn. Mir schwätzen hei vun Honnerttausende vu Joren. Wann ech soe „mir“, dann ass dat net richtig! Et si ganz eleng d'Wëssenschaftler, déi sou wäit kënnen denken! Dat iwwerstéigt op alle Fall engem normal Stierfleche seng Aart a Weis ze denken!

Viru kuerzem ass zu Bure (Meuse/Haute Marne) de Grondstee vum éischten deementspriechende Laboratoire geluegt ginn. Fir de Moment gesäit alles dono aus, wéi wann dës Site d'Präferenz vun de franséischen Autoritéiten hätt, ...

*(Interruption)*

...dëst aus Grënn vun de gudde geologesche Gegebenheeten, wéi et heescht, an aus anere Grënn, déi éischter nationalpolitescher Natur sinn. Sou schéngt zu Bure d'Oppositioun fir sou e Stockage am klengsten an domat d'Realisatioun vun deem Stockage och am einfachsten duerchzusetzen ze sinn.

Bure läit par rapport zu Lëtzebuerg 150 Kilometer Loftlinn ewech. Dat schéngt geographesch wäit ewech, mä déi radioaktiv Verschmutzung vu Waasser,

Buedem a Loft léisst sech net op sou eng Distanz begrenzen. D'Notioun, déi an der Wiener Konvention drasteet vun der „proximité du territoire d'un pays voisin“ léisst sech awer, Gott sei Dank, ausdehnen op déi méiglech geologesch Konsequenzen, déi sech net op honnert Kilometer limitéiere loosse.

D'Konvention bitt Lëtzebuerg elo déi Moyenen, fir fréizäiteg kënnen ze intervenéieren, z. B. nach an der Virplanungsphas vum Projet de dépôt zu Bure. Dofir ass et wichteg, wéi och an der Kommissioun ënnerstrach ginn ass, dass déi lëtzebuergesch Autoritéiten net laang waarde sollen a sech fréi iwwert déi éischt Resultater informéiere loosse mussen, déi dës Laboratoire erausfënnt. Et ass wichteg, fir Lëtzebuerg, fir eis Ëmwelt a virun allem fir eis Awunner, dass vu vireran all potentielle Risque, dee vun engem eventuellen Dépôt zu Bure ausgeet, kann a muss évitéiert ginn. Fir mech stellt d'Fro sech natierlech: Kënne mer dat als Politiker fuerderen? Wéi spiert Dir et? Kënne mer dat iwwerhaupt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da kommen ech op de Volet vun der Réversibilitéit vun engem Stockage vun Déchets nucléaires ze schwätzen. De Choix vun engem Dépôt stellt déi zoustänneg Autoritéiten an d'ganz Gesellschaft virun d'Fro, ob den Dépôt soll réversible sinn, d. h. dass den Dépôt ingenieurstechnesch, baulech a wëssenschaftlech sou geplangt a gebaut gëtt, dass déi zukünfteg Generatiounen d'Méiglechkeet hunn, dësen Dépôt erëm opzemaachen, fir d'Matière, déi do stockéiert ass, erëm eraus ze huelen, aus wéi engem Grond och ëmmer, wourop ech nach kuerz wëll zrëckkommen.

Déi zweet Alternativ besteet an der Irréversibilitéit vum Dépôt, d. h. dass d'Matière, déi stockéiert gëtt, definitiv gelagert gëtt, dass den Dépôt onzougänglech a sécher muss gemaach ginn a spéider kee méi den Dépôt kann opmaachen, aus wéi enge Grënn och ëmmer.

A wéi engem Fall kann oder muss en Dépôt erëm opgemaach ginn? Dës Fro muss ee beäntwere virun der Entscheedung, e réversiblen oder en irréversiblen Dépôt ze maachen. Et gëtt keng eendeiteg Äntwert op dës Fro, an d'Äntwert gëtt déeterminéiert duerch folgend Punkten:

- Duerch de wëssenschaftlechen an technologesche Progrès kann déi Matière, déi stockéiert ass, an Zukunft erëm weider verschafft ginn. Aus engem Déchet ultime ass dee Moment also erëm eng Matière valorisable ginn.

- Duerch d'wirtschaftlech Evolutioun kann et sinn, dass eng kommend Generatioun erëm op déi déposéiert Matière zrëckgräife muss, wëll oder kann, fir se erëm ze verwäerten.

- Duerch Sécherheetsmängel vum Dépôt kann et noutwendeg ginn, en Dépôt erëm opzemaachen, wann de Stockage net einwandfräi geschitt ass, den Dépôt Défaillancen a Sécherheetsmängel opweist, d'Ëmwelt riskéiert, duerch eng onsécher Stockagemethode polluëiert ze ginn, oder wann et net souguer schonn ze spët ass an déi éischt Schied schonn entstane sinn.

Da gëtt et an dëser Debatt och nach de kriminellen Aspekt, deem ee muss a Betruecht zéien. Wann e Site als réversibel aménagéiert gëtt, mat dem Objektiv also, fir dësen Dépôt erëm eng Kéier op méttler oder laang Sicht opzemaachen, da musse mir och domat rechnen, dass d'kriminell Energie en Intérêt fir dësen Dépôt entwéckele kann. Ech erkläre mech: De Site muss sou aménagéiert, bewaacht an ofgeséichert ginn, dass garantéiert ass, dass kriminell oder terroristesch Kräften nimools dës Site exploitéieren oder ausraibere kënnen. Ob dat elo an 10, 100 oder 1.000 Joer de Fall kéint sinn, ass ganz egal. De Site muss laangfristeg dës Garantie bidden. Dëst weist erëm eng Kéier dat laangfristegt Denken, wat an dëser Problematik gefuerdert ass.

Finalemment spillt och nach eng ethesch Komponent mat. Solle mir an däerfe mir déi kommend Generatiounen mat eisem Knascht, dee mir haut gemaach hunn, befaassen? Ass et dofir besser, mir verschléissen den Dépôt fir ëmmer, oder solle mir de kommende Generatiounen d'Méiglechkeet ginn, fir erëm op déi stockéiert Matière kënnen zrëckzegräifen?

D'Protectioun vum Mënsch a senger Ëmwelt, d'Rechter vun de kommende Generatione stinn am Mëttelpunkt vun der Entscheedung fir oder géint d'Reversibilitéit vun engem Dépôt. Solle mir de Generatiounen, déi no eis kommen, de libre choix loosse, e Stockage définitif vun den Déchets radioactifs ze maachen, oder solle mir hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir op d'Matières radioactives erëm kënnen zrëckzegräifen, fir se erëm kënnen ze verwäerten? Heescht dat, dass mir d'Charge vum eigentleche Problem hinnen iwwerloosse sollen, oder solle mer dofir suergen, datt si net méi belaascht si mat engem Problem, dee mir hinnen haut iwwerloossen? An dësem Punkt muss d'Politik hir Prioritéit an hir Verantwortung haut iwwerhuelen.

Här President, zu béiden Alternative fir oder géint d'Reversibilitéit vun engem Site gëtt et nach e weideren a leschte Punkt, dee wichteg ass, e Punkt, deem all déi Punkten, déi ech virun opgezielt hunn, ënnerleien. Dat ass dee vun der Mémoire administrative. Wa mir wëssen, dass sech all Déchet radioactif nëmmen iwwert Dausenden oder Honnertdausende vu Jore kann ofbauen, fir seng Schiedlechkeet oder nëmmen en Deel vu senger Schiedlechkeet ze verléieren, kënne mir da sécher sinn, dass mir fir dësen enormen Zäitraum och garantéiere kënnen,

dass de Site vun engem Dépôt, ob réversibel oder irréversibel, dann nach bekannt ass? Op dës Fro konnt nach keen eng sécher a lescht Äntwert ginn, well kee weess, wéi eist Land an eis Gesellschaft dann evoluéiert hunn.

D'Wëssenschaft an d'Technik, d'Gesellschaft insgesamt befanne sech fir de Moment an engem Denkprozess, dee sachlech muss gefouert ginn. Déi eigentlech Fro, déi an deem Projet de loi behandelt gëtt, betrëfft net de Choix de société fir oder géint d'Nukleartechnologie.

Wéi dës hëtzeg Diskussioun d'Gemiddler beweegt, fir vill Oprengung suergt, wéi esou munchen eigentlech am Häerz ekologesche Politiker mat idealisteschen Uspréich duerch d'Sérénitéit vun den Erausforderungen an duerch den Entscheidungsprozess an d'Entscheidungsverantwortung vun enger Regierungsbedeelegung awer mat béide Féiss erëm op de Buedem vun der Realitéit zrëckkënn, gesi mer fir de Moment exemplaresch an Däitschland.

An deem neie Gesetz fënnt ee villméi déi Froen erëm, déi sech duerch den nuklearwëssenschaftleche Fortschrëtt eiser Gesellschaft ganz konkret stellen. Duerch dëst Gesetz kréie mir elo fir Lëtzebuerg als nuklearfräit Land déi Handhab um internationale Parquet, fir present ze sinn, do matzeschwätzen an e Wuert anzeleeën, wann eis Noperen eist Land mat de konkreten Nofolge vun hirer Nuklearwëssenschaft wëlle belaaften.

D'Fro, wat mat den Déchets nucléaires geschitt, geet och eis eppes un, a mir kréien haut mat deem Gesetz d'Méiglechkeet, eis besser a méi haart Gehéier ze verschafen, fir all déi Froen, déi ech ugeschnidden hunn, mat ze beäntweren.

Selbstverständlech droe mir als Demokratesch Partei dësse Projet mat.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Jean Colombero ass als nächste Riedner agedroen.

**M. Jean Colombero (ADR).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt dem Här Alexandre Krieps merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht.

De 5. September 1997 ass eng Konventioun zu Wien ausgeschafft ginn. De 16. Dezember 1998 huet de Minister vun den Affaires étrangères de Projet an der Chamber déposéiert. Wann een esou kuckt, dann huet de Conseil d'Etat de 25. Abrëll 2001, dat heescht 15 Méint duerno, gesot, hie wier d'accord mat deem Projet de loi.

Du gouf d'Chamber de 7. Mäerz 2001 nach eng Kéier domat befaasst, also erëm eng Kéier 10 Méint méi spéit.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt jo, wéi wichteg dass dësse Projet ass, wann e véier Joer brauch, bis en hei an d'Chamber kënnt. Wann ech deen Text analyséieren, da kréien ech, emotionell gesinn, Tréinen an d'Aen.

Et gëtt gesot: „Il faut renforcer la sûreté nucléaire au plan mondial et protéger la génération actuelle et les générations futures contre les effets nocifs des rayonnements ionisants“.

Déi Generatioun, déi kënnt, wäert och kräischen, awer net aus Freed, net aus Emotioun, mä aus Roserei, well hir Virgänger esou domm waren.

Dat hei, Dir Dammen an Dir Hären, ass e Bonbon, et ass eng Berouegungspëll, et ass eng Schlofpëll fir eis Lëtzeburger. Mir ginn eis en Alibi, fir roueg ze sinn, well Frankräich programméiert jo e Site 150km vun hei ewech.

Et ass eng ganz grouss Hypokrisie, wann hei gesot gëtt: „Elle revêt des aspects positifs importants“. Dofir hu mer jo och véier Joer gebraucht, fir de Projet heihinner ze kréien.

Et geet drëm, Dir Dammen an Dir Hären, dass Frankräich säi Site därerf opmaachen, ëm soss näischt.

Et gëtt och dovun geschwat, dass Lëtzebuerg „a fixé des limites d'irradiation plus sévères que celles en vigueur dans deux de nos pays voisins“. Wie sinn déi zwee?

Op jidde Fall, wa Lëtzebuerg eng Virreiderroll a puncto Atom wëll hunn, da stellen ech mer d'Fro: Wéi steet et mat Frankräich a senge Wëssenschaftler, wann et seet, „eis Wëssenschaftler hu Recht, eis Grenzwärter zielen an net déi vu Lëtzebuerg, dat keng Atommuecht ass a keng Wëssenschaftler huet“? Wa Lëtzebuerg esou eng Virreiderroll géif spillen, da misst et dat och an aneren Domänen maachen. Ech wëll hei nëmmen d'Beispill vun den Handyen zitieren, wou et absolut net d'Virreiderroll spillt.

Hei gëtt geschwat vu „moyens juridiques solides“. Dir Dammen an Dir Hären, sinn net all d'„moyens juridiques“ solides?

Hei gëtt gesot, dass d'Nopeschlänner müssen informéiert ginn, müssen Donnéeë kréien, a wa se net d'accord sinn, da komme se virun d'iewescht Geriicht. Wer's glaubt, wird selig!

Et gëtt och gesot, Lëtzebuerg hätt sech mat Assiduitéit an Tenacitéit zu Wien engagéiert an „a réussi à faire accepter sa position“. Ech wëllt gär dee Verbatim gesinn, wou Lëtzebuerg sech engagéiert huet, fir dass mer 150km vun eiser Grenz ewech en definitiivt Endlager kréien. Vill méi wichteg wier et gewiescht, wann déi Herrschafte gesot hätten: Haalt Ären Atom bei lech a verfracht en an d'Mëtt vun Ärem Land. Dat wier eng „position tenace et assidue“ gewiescht, an net dat hei.

Da gëtt nach gesot: „Après la fermeture d'un site, il faut prendre des mesures nécessaires pour prévenir ou contrecarrer toute émission non programmée“. Dat seet alles.

Schliesslech gëtt gesot, dass Frankräich dës „combustible usé“ als eng „matière première“ ugesäit. An anere Wieder wäert dee Site erëm eng Kéier opgemach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet ass eng Aarm-séilegkeet. E beweist d'Onmacht vu Lëtzebuerg par rapport zu deenen anere Länner. Lëtzebuerg ka glat näischt maachen. Et ass e Blankoscheck fir d'Atomlänner, an et ass eng Fal, déi agewéckelt ass a Cadeauspabeier.

Ënnert deenen Ëmstänn muss ech leider mäin Désaccord ginn, an ech wäert géint dës Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat déi Konventioun hei ubelaangt, déi haaptsächlech vun der Regierungspartei gelueft ginn ass, wou gesot ginn ass, dass dat eis zolidd Moyene géif an der Grapp ginn, sou erlaabt mer, do eng kleng Iddi skeptesch ze sinn.

Wat nämlech déi „moyens juridiques appropriés“ betrëfft, muss ee ganz genau wëssen, och wann een d'Konventioun gelies huet, dass dat eis just Moyene gëtt vun Informatioun a vu Consultatioun, an et gëtt gesot, datt, wa Litigen do sinn, wann d'Länner sech net géifen eens ginn, dann eng „Médiatioun“ kéint ageschalt ginn.

Mä ech mengen, wa mer e wéineg d'Machtverhältnisser an Europa kennen, da wësse mer, datt och bei esou enger Médiatioun fir Lëtzebuerg net ganz vill wäert ze erreeche sinn. Ech wëll e Beispill zitieren, dat ganz rezent ass, dat och elo nach ganz oft an Zeitungen ze gesinn ass. Dat ass d'Atomkraftwierk zu Temelin an Tschechien, un der Grenz mat Éisträich, wou d'Éisträicher och versicht hunn ze intervenéieren, well se direkten Noper waren, mä wou trotz där Konventioun dat Atomkraftwierk gebaut ginn ass. Et dierf ee sech also net zevill Illusiounen maachen.

Wat ech allerdéngs als zynesch ëmfannen, dat ass, wann an esou enger Konventioun gesot gëtt, dass et drëm géif goen, dës Generatioun an déi zukünftige Generatiounen vis-à-vis vun eventueller Strahleschied ze schützen. Wann ee gesäit, wat d'Dimensioun ass vun der Atomproblematik, da kënnt der Iech alleguer drun erënneren, dass et net nëmmen eng Geschicht ass vun eisen dräi Nopeschlänner, wéi et zu Tschernobyl zu engem Accident komm ass. Dat war alles vill méi wäit ewech wéi eis dräi Nopeschlänner, an trotzdem

ass et zu enger nuklearer Katastroph komm, wou mer immens Chance dobäi haten, dass just 4 % vum radioaktive Material iwwerhaupt an d'Loft komm ass an nach 96 % zu Tschernobyl ënnert dem Reakterdaach lagere.

Net méi spët wéi virun zwou, dräi Wochen hunn ech an engem Fernsehfilm gesinn, wéi d'Situatioun do ausgesäit. Dat heescht, et kann all Dag zu Tschernobyl zu engem neien Onfall kommen, wou de Risiko grouss ass, dass nach méi erauskënnt. Wann eppes géif geschéien, da kann ech Iech d'Garantie ginn, dass dann op eng Kéier erëm géif en „Aufschrei der Entrüstung“ duerch d'ganz Welt an duerch all d'politisch Parteien goen. Da géif erëm jiddereen erwechen, an da wier de Widerstand géint d'Atomenergie erëm eng Kéier ganz grouss, méi grouss wéi dat leider haut der Fall ass.

Tschernobyl ass nëmmen ee Beispill. Eng aner Noriicht aus deene vergaangenen Deeg: Déi norwegesch Regierung huet Asproch bei der englescher Regierung ageluegt, well se festgestallt huet, dass vu Sellafield a Groussbritannien hir Gewässer an hir Fësch radioaktiv belaascht sinn. Dat ass also en aneren negativen Effekt vun der radioaktiver Strahlung.

Ech mengen, wann et drëm geet, fir e verantwortlechen Ëmgank mat Combustibles irradiés oder Déchets radioactifs ze maachen, da gëtt et nëmmen ee Wee. Deen éischte verantwortlechen Schrëtt wier deen, fir endlech ze decidéieren, aus där geféierlecher Technologie weltwäit erauszeklappen. Dat wier deen éischte Schrëtt, fir eppes ze maachen, fir och glaubwürdeg ze sinn.

Wann ech awer elo héieren, dass dee Mann, deen an den USA ënner komeschen Ëmstänn anscheinend zum President gewielt ginn ass, elo beschloss huet, erëm eng Kéier d'Atomenergie ze fördern, da gëtt dat mer ze denken, well wann ee weess, datt se an den USA amgaange sinn, verzweifelt ze sichen, och do en Endlager fir Atommüll ze fannen - wou den Alexandre Krieps hei richteg drop higewisen huet -, da produzéiert all neit Atomkraftwierk, dat gebaut gëtt, oder all Atomkraftwierk, dat a Betrib bleift, neien Atommüll, an d'Problemer gi vun Dag zu Dag, vu Woch zu Woch, vu Mount zu Mount a vu Joer zu Joer méi grouss. Déi atomat Müllbirger wäerte klappen, an d'Problematik gëtt doduerch méi grouss. Sécherheet gëtt et bei der Atomenergie op kengem Niveau vun där ganzer Filière; vum Uranofbau bis herno zur Endlagerung sinn d'Problemer iwwerall.

A wa mer hei an eiser direkter Ëmgéigend schwätze vu Combustibles irradiés, da muss een och wëssen, dass mer grouss Chance hate viru ronn zwou Joer, wéi zu Apech en Zuch entgleist ass an d'Wagone ëmgefall sinn. Dat ass Gott sei Dank gutt ausgegangen, mä et hätt awer net missen esou ausgoen. An dann hätte mer net brauche Bure 150km vun eiser Grenz

eweck opgeriicht ze kréien. Dann hätte mer Bure virun der Dier gehat bei esou engem Accident.

Wat elo de Problem ubelaangt vun der Konventioun selwer, sou hunn ech am Ufank scho meng Skepsis zum Ausdrock bruecht, ganz einfach well mer effektiv zwar Informatiouns- a Consultatiounsméiglechkeete kréien, mais sans plus! Eng wierklech Awierkungsméiglechkeet wier, wann e Land kéint sengen Nopeschlänner soen, mir hätte gären e Vetorecht, mindestens innerhalb vun engem bestëmmte Rayon vun 100, 150 oder 200km, wou näischt esou dierft opgeriicht ginn. Mä dat besteet net! A vun dohier ginn ech dem Deputéierte Colombara Recht, dee sech vläicht blummelech ausgedréckt huet, mä op jidde Fall sinn ech och der Meenung, dass esou eng Konventioun an der aktueller Situatioun haaptsächlech Kosmetik ass, fir d'Geeschter e wéineg ze berouegen, mä wat d'Realitéit ubelaangt wier deen éischte Schrëtt, dee misst gemaach ginn, den Ausstieg aus der Atomenergie an alle Länner.

Wat elo Bure ubelaangt, dat hei esou oft ugeschwat ginn ass, wat eng Méiglechkeet ass, als Endlager vun de Fransousen ze gëllen, muss ee wëssen, wat a Frankräich ofgelaf ass. Firwat Bure? Op deene sechs Siten, déi an der Diskussioun waren, ass Folgendes geschitt: Wéi d'Ingenieuren an déi Responsabel higaange sinn op déi fënnef aner Siten, si se aus dem Duerf verdréiwwe ginn. Et sinn Dierfer gewiescht, wou se wollt bauen. Do si se iwwerhaupt emol net an d'Duerf eragelooss ginn, fir mat de Leit a mam Buergermeeschter ze schwätzen, ganz einfach well och elo a Frankräich ugefaange gëtt ze mierken, datt do eppes op se zoukënnt, wou se am Ufank net esou dru geduecht haten. Op alle Plazen ass natierlech eng immens vehement Reaktioun vun der ganzer Bevëlkerung dergéint gewiescht.

An et ass net fir näischt, dass d'Fransousen esou eng Localitéit wéi Bure gewielt hunn, wat eng Géigend ass, déi net vill bewunnt ass. Do gëtt et net vill Awunner ronderëm, wat natierlech erëm eng Kéier eng typesch Reaktioun war.

#### *(Interruption)*

Et läit relativ no bei der Grenz, mä ech muss lech soen, Här Bisdorff, dass Chooz, Cattenom an aner atomar Installatiounen mech mindestens grad esou beonrouege wéi en Atomlager zu Bure, obschonn dat mech och beonrouegt.

Ech wëll och drop hiweisen, dass mer virun e pure Joer hei schonn eng Situatioun haten am Norde vum Land, quitte dass déi net ënnert d'Konventioun fällt, wou den Här Wohlfart schonn driwwer geschwat huet, an zwar déi Geschicht vu Bovigny. Do sollt wuel e militärescht Lager hikommen, lies liicht radioaktive Müll gelagert ginn, wat net ënnert dës Konventioun fällt, mä ech ka mech awer nach un déi Situatioun

erënneren, an ech sinn der Meenung, dass et net dës Konventioun war, déi eis do gehollef huet, mä dass et wierklech de Widerstand war vun der Bevëlkerung selwer, vun de belschen an däitsche Leit, déi am Norde ronderëm wunnen, plus de Widerstand, dee vu Lëtzebuerg komm ass. Finalement hate mer hei an der Chamber eng unanime Motioun géint den Dépôt zu Bovigny, an ech mengen, dass déi Mobilisatioun, déi do war, e wéineg derzou bäigedroen huet, fir ze verhënneren, dass deen Dépôt dohinner komm ass.

#### *(Interruption)*

Souguer d'Molkereie vum Här Mehlen waren deemools alleguer dergéint.

Mir als Gréng sinn eis komplett bewosst, dass iwwerall an deene Länner, wou Atomkraaftwierker gebaut gi sinn an Atomüll ass, eppes muss gemaach ginn. De Problem ass awer, dass bis haut, fir den Atomüll endzelageren, nach ëmmer keng Léisung fonnt ass, a kengem Land! A wann d'Russen am Moment an der Duma d'accord waren no ville Manipulatiounen, fir radioaktive Müll aus dem Ausland no Russland ze importéieren, dann ass et aus engem ganz zynesche Grond gewiescht, aus engem rengen Grond vu Suen, vu Fric, well dat Land finanziell um Buedem läit an déi führend Leit geduecht hunn: Wa mer deenen anere Länner proposéieren, radioaktive Müll ze importéieren, da bréngt dat eis Devisen. Esou nüchtern ass dat.

En zweeten zyneschen Hannergrond ka gewiescht sinn, fir dee radioaktive Müll erëm eng Kéier an Atombommestoff ëmzewandelen. Och deen Hannergrond muss een ëmmer derbäi gesinn, well och de militäresche Kontext ëmmer dermat verbonnen ass.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Firwat maacht Der keng Motioun?

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här Weiler, ech brauch keng Motioun ze maachen, well ech si gewinnt, dass, wann ech eng Motioun maache mat engem seriösen Inhalt, Dir souwisou dergéint stëmmt an ech keng Chance hunn, se ugeholl ze kréien.

#### *(Protestations)*

Wann Der awer drop bestitt, dass ech eng Motioun soll maachen, kann ech nach ëmmer eng Motioun noreeche. Ech wär dann awer gespaant, ob d'CSV se géif matdroen.

#### *(Interruptions diverses)*

Hei zu Lëtzebuerg ass dat relativ einfach. Ech wär frou, wann Är Bridder- a Schwësterparteien an den europäesche Länner ronderëm och esou wiere wéi anscheinend d'Lëtzeburger CSV, zum Beispill an eisem Nopeschland d'CDU. Dat géif mech freeën! Dat hätt nämlech vill méi eng grouss Bedeitung, wéi wann d'Lëtzeburger CSV anscheinend antinuklear ass.

Dat gesot, bleiwe mer skeptesch dëser Konventioun vis-à-vis. Mir stëmmen net dergéint, well mer der Meenung sinn, dass et ëmmerhin nach besser ass, dass een informéiert a consultéiert gëtt, obschonn et, an eisen Aen, awer net vill bréngt. Mir wäerten eis dofir derbäi enthalten.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

*(Interruptions diverses)*

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** Här President, déi Zäit hei leeft schonn op mäi Kont.

**M. le Président.-** Här Bisdorff, fänkt un.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** Här President, d'Atomgéigner hu viru laanger Zäit drop higewisen, dass d'Atomindustrie eis eng strahlend Zukunft géif bréngen.

**Une voix.-** Tschernobyl!

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** An och déi aner. Tschernobyl huet sech emol guer net hei ausgewierkt.

*(Protestations)*

Deemools hunn d'Fransouse gesot, bei hinne wär näischt niddergaangen. Doru kënnt Dir lech erënnere. Dat ass ganz offiziell vun der franséischer Regierung gesot ginn.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).-** Déi franséisch KP ass haut nach géint en Atomausstieg.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** Domat hunn ech näischt ze dinn.

**M. le Président.-** Loosst den Här Bisdorff schwätzen. D'Chamber ass gespaant, wat e seet.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** De Käschtepunkt vun der Entsuegung a vun der Endlagerung ass grad am Ufank vun der Entwécklung vun der Atomindustrie net berücksichtegt ginn, an elo gi mer awer domat konfrontéiert, an déi wäerten de Käschtepunkt an d'Luucht dreiwien, an domat och de Käschtepunkt vum kWh am Atomkraaftwierk hiergestallte Stroum, an dee wäert natierlech op d'Allgemengheet ofgelagert ginn. Dee bezillt d'Atomstromindustrie net. Dobäi muss ee berücksichtegen, dass déi Endlagerung et noutwendeg mécht, dass se Dausende vu Joren iwwerwaacht muss ginn. Et kann een dat net einfach, och wann ee mengt, et hätt een eng sécher Plaz, an de Buedem eraleeën, well déi Strahlung, déi dovun ausgeet, contaméiert och d'Emgebung. Et entsteet eng induzéiert Strahlung, doduerch dass d'Emgebung d'Neutronen opfänkt, an et ass esou absolut noutwendeg, dass do eng Iwwerwaachung ass. Et ka sech net selwer iwwerlooss ginn, an dat wäert riseg Käschtepunkter an Zukunft mat sech bréngen.

Et sinn der allerdings, déi maache sech et einfach, wat d'Endlagerung ubelaangt. D'USA hunn eng Method

fonnt, fir en Deel vun hirem Atomindustrieffall lass ze ginn, andeem se en a Granaten an a Munitioun paken an déi dann op friemen Territorium verschéissen, wéi mir dat am Irak an a Jugoslawien gesinn hunn. Do sinn Tonne vun Uran 238 niddergaangen, an déi Auswierkungen, déi dat nach an Zukunft wäert hunn; well d'Halbwertszäit vum Uran 238, wann ech mech gutt erënnere, läit bei véier Milliarde Joer. Dir kënnt lech virstellen, wat dat heescht. A 4 Milliarde Joer ass déi Radioaktivitéit ëm d'Halschent zrëckgaangen.

**M. Alex Bodry (LSAP).-** Et ass eng nohalteg Wierkung.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** Ganz richtig, dat ass eng nohalteg Wierkung. Et gëtt nach radioaktiv Elementer, déi méi eng laang Halbwertszäit hunn.

D'Endlager, dat soll zu Bure entstoen, am Département vun der Meuse, also net wäit vun eis hei ewech, soll zwar en déift Lager ginn, awer mer musse bedenken, dass et an der Richtung vun der Haaptwandrichtung läit, a wann haaptsächlech do d'Grundwaasser wäert geschiedegt ginn, kann awer duerch den Transport an duerch den Handling vun deem Material Radioaktivitéit un d'Oberfläch kommen. Et gëtt een d'Meenung net lass, dass dëst Lager, grad esou wéi eng Rei vun Atomkraaftwierker, erëm eng Kéier no u Grenze gebaut gëtt. Do notzt et menger Meenung no net onbedingt vill, wa mer en Informationsrecht kréien an Asicht an déi Projeten, déi do sollen duerchgezu ginn.

Déi franséisch Öffentlechkeet ass ganz gespléckt, wat d'Problematik vun der Endlagerung ubelaangt, awer op eppes muss een hiweisen: Dat ass, dass déi Endlagerung muss geschéien an deem Land, wou och d'Atomkraaftwierker stinn. Den Export vun Uran oder vun Offäll aus den Atomkraaftwierker an aner Géigenden, och wann dofir bezuelt gëtt, misst genau esou behandelt gi wéi deen aneren Offall, deen net därerf duerch d'Welt transportéiert ginn.

Wann also duerch dës Konventioun déi Länner, an deenen hirer Noperschaft oder un deenen hire Grenzen sou Lagere sollen entstoen, e bestëmmten Abléck kënne kréien an dat, wat do geschitt, awer selwer näischt kënne beaflossen, och net wéi a woumat dass dat kann ofgesécher ginn, esou ass dat heite vläicht e schwachen Trouscht, awer keng Sécherheet, wat déi zukünfteg Endlagerung vun Atommüll offall ubelaangt.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Ausseministesche, d'Mme Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeen, et sinn haut de Mëtten hei ganz déifgräifend Problemer opgeworf ginn am Zesammenhank mat der Endlagerung vum



radioaktive Müll. Ech wëll déi elo net verdéiwen, well do wier et wierklech besser, mir wieren an enger Ronn vun Expären iwwert zum Beispill de Problem vun der Réversibilitéit.

Et gëtt keng definitiv Äntwerten, well wann ee weess, vu wat fir engen Zäitspanne mer hei schwätzen, net nëmme 5.000, 50.000 oder 500.000 Joer, mä effektiv zwou oder fënnef Milliounen Joren, da kann ee sech d'Ausmooss vun der Problematik, déi hei opgeworf gëtt, virstellen. Ech iwwerloossen do déi endgültig, méiglechst richteg Äntwerten deene Leit, déi sech wierklech ganz domat ofginn.

Ofgesinn dovun, ob ee fir oder géint d'Atomenergie ass - den Här Huss huet dat och ganz richteg gesot, an den Här Krieps huet et och gesot -, musse mir fir déi heite Situatioun déi beschtméiglech Äntwerte fannen, egal wéi an Zukunft d'Evolutioun ass, well mat deem heite Problem wäerte mir - a wann ech soe „mir“, dann denken ech un eis ganz Gesellschaft - nach laang befaasst sinn.

Wat ech awer net kann acceptéieren, dat ass, wann een déi Beméiungen, déi hei d'Lëtzebuerger gemaach hunn - a wann ech soen d'Lëtzebuerger, da sinn et déi Delegatiounen, déi 1997 zu Wien fir Lëtzebuerg négociéiert hunn, an och d'Regierung, déi dee Moment d'Verantwortung gedroen huet -, wëllt ridiculiséieren an erofspillen.

Et goug hei net ëm Schlofpëllen, et goug hei net ëm Hypokrisie; et goug hei wierklech drëm, fir eis déi beschtméiglech Garantien ze ginn, déi mer konnte kréien, fir eis weinstens esou gutt an esou wäit wéi méiglech ze informéieren, an eis déi Moyene kënnen ze ginn, fir an dësem Fall matzeschwätzen an esou wäit wéi méiglech eiser Précautionspflicht kënnen entgéintzekommen.

Gleeft mer: Dat, wat dee Moment gemaach ginn ass vun eisen Négociateurs, ass wierklech, kann ee scho bal soen, bewonnernswäert. 1997, wéi d'Konventioun ugeholl ginn ass, ass jo iwwer Joren négociéiert ginn. Do lounge zum Schluss 26 Propositions d'amendements vir. Dir kënnt et noliesen. Vun deene 26 sinn der just zwou zréckbehale ginn, an eng dovu war déi vun de Lëtzebuerger. Trotz deenen Expären, déi do waren, déi virun allem natierlech aus Länner komm sinn, wat Nuklearlänner waren, also Topspezialisten, huet eis Delegatioun et fäerdeg bruecht, do en Amendement virzebréngen, deen eis ganz einfach méi eng grouss juristesche Sécherheet gëtt. Dat soll een unerkennen an déi Efforen an déi Resultater, déi si fäerdeg bruecht hunn, wierklech net erofschwätzen a ridiculiséieren.

Ëm wat geet et hei? Et geet natierlech net drëm, fir all d'Problemer fir éiweg aus der Welt ze schafen, mä et geet drëm, fir international ganz einfach e Rahmen ze setzen, ënner wéi enge Konditiounen - wann e

Land dat wëllt bei sech maachen - vu Consultatioun, Informatioun an Etüden et dat muss maachen, a wéi engem Dialog et muss mat sengen Nopeschlänner sinn.

Wëssend ëm eis Gréisst an ëm eis Plaz an Europa, dat heescht ëmgi vun dräi Länner, déi effektiv Atomenergie produzéieren, huet dat heite fir eis eng absolut Wichtigkeet, an et war dofir fir eis vun allerhéchster Wichtigkeet, fir dat beschtméiglecht Resultat ze négociéieren. Ech menge wierklech, dass ee ka soen, dass dat och gemaach ginn ass.

Duerch d'Ratificatioun vun dëser Konventioun kréie mer nämlech - an dat ass vun allen ënnerstrach ginn - méi Garantien, fir eis am Fall vun enger Implantatioun vun engem Lager an eiser Noperschaft dergéint ze wieren. Et steet geschriwwen, dass mer d'Recht hunn, d'Resultater vun deenen Etüden, déi vun deem entspreche Land gemaach gi sinn, unzefroen. Mir kréien hei e Recht, fir déi ze kréien, mä wat virun allem wichteg ass: Et ass net dat betreffend Land, wat befënnt, ob esou eng Implantatioun op eis acceptabel oder inacceptabel Effeten hätt, mä mir selwer oder en aner beträffend Land kënnen dat decidéieren. Mir selwer kënnen eis Positiounen virbréngen.

Wa mer dann net d'accord sinn an divergent Appréciatiounen kommen, dann ass souguer - an dat ass e ganz neie Wee; dat war bis elo nach ni esou, an dat ass net regléiert gewiescht - d'Méiglechkeet vun der Médiatioun an der Conciliatioun virgesinn.

Gewëss: Dat schaaft net all d'Problemer aus der Welt, mä et gëtt op alle Fall mol e legale Kader, wou d'Länner sech selwer verpflichtet hunn, deen anzehalen, an dat ass fir eist Land, wat e klengt Land ass, wat effektiv net déi Moyenen huet wéi anerer, e wichtige Fortschritt! Dofir kann ech, wéi gesot, och nëmme begreissen, datt heibannen awer e ganz grouse Konsens ass, fir d'Konventioun ze ratifiéieren, an ech si besonnesch frou, datt och souguer den Här Huss gesot huet, si géife sech enthalten, wëssend ëm d'Grondpositioun - dat kann ee verstoen -, mä awer weinstens...

*(Interruption)*

**M. le Président.-** Den Här Colombera géif lech gär eppes froen!

**Une voix.-** En huet seng Meenung elo geännert!

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-** Ech sinn nach net fäerdeg, a scho guer net mat der Äntwert op déi Ënnerstellungen, déi hei gemaach gi sinn!

Et gëtt dann och gemaach, wéi wann hei schrecklech vill Zäit verluer gaange wier, ier dat hei dann zur Ratificatioun komm ass. Ma et ass keng Zäit verluer gaangen! Wann ech dierf am Numm vun deene schwätzen, déi d'Gestioun vun deem Dossier an

deene leschten dräi Joer gemaach hunn: Dat ass wëllentlech a wëssentlech gemaach ginn! Vu datt mir als klengt Land hei Rechter kréien, wollte mir dat hei net ratifizéieren, ier mer sécher waren, datt wéinstens och Frankräich dat hei ratifiéiert hätt, well mir kréien hei méi Rechter, a si engagéiere sech zu méi. Ech mengen, et ass jo keen heibannen, dee wirklech elo direkt drun denkt, datt mir géife sou eng Décharge maachen.

Mir kréien also méi Rechter, a si musse sech engagéieren! Déi Bréiwer leien do, an ech mengen, déi sinn och absolut nozevollzéien. Et si vun deene Ministere, déi deemools an der Responsabilitéit waren - dat war mäi Virgänger an och de fréiere Gesondheitsminister -, déi dote Saachen ofgewie ginn, an et ass zesummen décidéiert ginn, mir géifen elo mol waarden, bis d'Fransousen dat do ratifiéiert hätten, an da géife mir virpreschen.

De Moment hunn d'Fransousen an déi Däitsch et ratifiéiert. D'Belsch hunn et bis haut nach net ratifiéiert! Si hunn et zwar signéiert, mä net ratifiéiert! Soubal wéi mir elo hei ratifiéiert hunn, wäerte mir och - da kommen ech zum Follow-up dovun, wéi et soll weidergoen - Kontakt mat de Fransousen hunn, fir déi Diskussiounen iwwer Bure vill méi aktiv ze féieren. Déi lescht Commission mixte franco-luxembourgeoise iwwert d'Sécherheet war den 20. September 2000 zesummen.

Do hu mer eis Bedenken och schonn ugemellt, mä nodeem mer dat heiten elo ratifiéiert hunn, wäerte mer natierlech all déi Rechter, déi eis zoustinn, voll an Usproch huelen. Wann Der mech froe géift, ob mer och géifen eng Etude d'impact maachen iwwer sou eng Décharge, da géif ech natierlech soen: Jo, natierlech wäerte mer déi maachen! Wa mir och net déi Spezialisten hunn, wäerte mer - an do hoffen ech, datt ech heibannen e grouse Konsens dofir fannen - eis awer d'Moyene ginn, fir ze kucken, wat den eventuellen Impakt vu sou enger Implantatioun op de Lëtzebuerger Territoire kéint sinn, well dat hänkt jo alles vun den hydro-geologesche Charakteristike vum Terrain, deen zu Bure envisagéiert ass, of.

Bure selwer - dat muss ech awer och nach eng Kéier hei soen - ass jo och nach net definitiv décidéiert! Et ass jo eréischt am Joer 2006, wou d'franséischt Parlament heiriwwer wäert eng definitiv Décisioun huelen, an ier et dat mécht, kënnt Der lech sécher sinn, datt mir alles maache wäerten, fir datt déi Etude komplett sinn. Bure ass 100, 110 Kilometer ewech. Dat ass elo net direkt virun der Dier, mä et hänkt awer natierlech dovun of, ob z. B. d'Nappes phréatiques vun där dote Géigend an eis kënnen zesumme kommen.

Mir kënnen deem elo net virgräifen, wat aus den Etude soll ervirkommen, mä duerch d'Ratificatioun vun där Konventioun hei kréie mer d'Moyenen, fir aktiv matzeschaffen. Wéi gesot, wëssend datt

heiduerch net vun engem Moment op deen aneren d'Problemer aus der Welt geschaaft ginn - weess Gott net; si si ganz déifgräifend -, gëtt dat hei eis awer d'Moyenen, fir matzeschwätzen, an ech kann lech nëmme soen, datt all déi, déi sech an deene vergaangene Joren ëm dësen Dossier gekëmmert hunn, dat och an deene kommende Jore mat deem gréisste Seriö wäerte maachen, wëssend datt et hei wirklech net nëmme ëm eis Zukunft geet. Et geet ëm d'Zukunft net nëmme vun eisem Land, mä ëm d'Zukunft vun der Mënschheet!

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

*(Interruption)*

**M. le Président.-** Ja, den Här Colombera!

**M. Jean Colombera (ADR).-** Mme Minister, Dir hutt mech net iwwerzeegt!

*(Hilarité et interruptions)*

Dir schwätzt hei wéi e Politiker!

*(Hilarité générale)*

Dat hu mer gemierkt!

**M. Ben Fayot (LSAP).-** Wat sidd Dir dann, Här Colombera?

**M. Jean Colombera (ADR).-** Sot mir w.e.g., ob Dir gesot hutt, dass Lëtzebuerg géint eng Implantatioun zu Bure wier, a wann net, ob Dir wäert soen, dass dat zevill geféierlech fir eist Land ass! Méi wëll ech net wëssen!

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-** Also, ech sinn effektiv e Politiker, an ech versichen, menger politescher Responsabilitéit gerecht ze ginn! Ech versichen net, e Scharlatan ze sinn!

*(Interruption)*

Ech versichen, dat seriö ze maachen, an dofir...

**Une voix.-** Très bien!

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-** ... ginn ech eng definitiv Äntwert dorop, wa mir eben déi Donnéeën hunn, wouzou mer duerch déi heite Konventioun d'Méiglechkeet kréien, wëssend datt, wann déi Etude weisen, datt d'Implantatioun vu sou enger Décharge zu Bure eng direkt Gefor fir Lëtzebuerg, d'Lëtzebuerger Bevölkerung an d'Lëtzebuerger Land géif duerstellen, mer eis natierlech dann entschiede géint sou eng Implantatioun géifen ausschwätzen an och all d'Moyene géifen an Usproch huelen, déi mer hei duerch dës Konventioun kréien!

**Plusieurs voix.-** Très bien!

*(Interruptions)*

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir dee virleiende Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo-, enger Nee-Stëmm an 11 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Paul Helminger), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Jean-Pierre Koepp.*

*A voté non: M. Jean Colombero.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

*(Assentiment)*

Et ass also sou decidéiert.

*(Interruption)*

Mir wieren dann um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm. Déi nächst Chambersitzunge si virgesinn den 12., 13. a 14. Juni. D'Presidentekonferenz kënnt de 7. Juni zesummen, fir iwwert den Ordre du jour ze beroden, a léisst lech en da schrëftlech zoukommen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.20 heures)*

Projet de loi 4760 modifiant

1. la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (titre VI: de l'enseignement secondaire);
2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue . . . . . pages 2001 - 2017

Projet de loi 4648 autorisant l'Etat à participer au financement de la construction, de la transformation et de l'équipement du centre intégré pour personnes âgées de l'Hospice civil à Luxembourg-Pfaffenthal . . . pages 2017 - 2024

Projet de loi 4604 portant approbation de la Convention entre les Etats parties au Traité de l'Atlantique Nord et les autres Etats participant au Partenariat pour la Paix sur le Statut de leurs Forces, ainsi que de son Protocole additionnel, signés à Bruxelles, le 19 juin 1995 . . . . . pages 2024 - 2028

Projet de loi 4659 portant approbation des Protocoles portant adaptation des aspects institutionnels des Accords européens

établissant une association entre les Communautés Européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République tchèque, la République de Pologne, la République slovaque, la République de Hongrie, la Roumanie et la République de Bulgarie, d'autre part, afin de tenir compte de l'adhésion de la République d'Autriche, de la République de Finlande et du Royaume de Suède à l'Union européenne . . . . . pages 2028 - 2029

Projet de loi 4698 portant approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 22 septembre 1998, modifiant l'Annexe au Protocole pour l'établissement d'un Tarif Benelux des droits d'entrée, signé à Bruxelles, le 15 juin 1970 . . . . . pages 2029 - 2030

Communications . . . . . page 2033

Ordre du jour . . . . . page 2033

Heure de questions

- Question 104 de M. Marc Zanussi relative à la formation des infirmiers et infirmières . . . . . pages 2033 - 2034

- Question 105 de M. Jacques-Yves Henckes relative aux modalités pratiques de l'introduction de l'Euro . . . . . pages 2034 - 2035

- Question 106 de M. Patrick Santer, relative à la criminalité informatique . . . . .	pages 2035 - 2036	ment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990;	
- Question 107 de M. Ben Fayot relative à l'état du dossier du projet d'implantation du CRP-Santé à côté du Centre Hospitalier . . . . .	page 2036	2. modification de certaines dispositions du code pénal;	
- Question 108 de Mme Renée Wagener au sujet des projets de campagnes d'information et de sensibilisation pour la situation des personnes homosexuelles . . . . .	pages 2036 - 2037	3. modification de la loi du 17 mars 1992	
- Question 109 de M. Jean Colombero relative au service de remplacement pour les médecins généralistes . . . . .	page 2038	1) portant approbation de la Convention des Nations-Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988;	
- Question 110 de M. François Bausch relative au futur accord salarial pour la fonction publique . . . . .	pages 2038 - 2039	2) modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie;	
Projet de loi 4701 portant approbation du Protocole à la Convention de 1979 sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, relatif à la réduction de l'acidification, de l'eutrophisation et de l'ozone troposphérique, fait à Göteborg, le 30 novembre 1999 . . . . .	pages 2039 - 2048	3) modifiant et complétant certaines dispositions du code d'instruction criminelle	pages 2056 - 2061
Projet de loi 4671 portant approbation de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à l'assistance mutuelle et à la coopération entre les administrations douanières, signée à Bruxelles, le 18 décembre 1997 . . . . .	pages 2049 - 2051	Projet de loi 4396 relative aux dispositifs médicaux . . . . .	pages 2061 - 2066
Projet de loi 4660 A		Dépôt d'un projet de loi . . . . .	page 2067
- portant approbation de la Convention établie sur base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la procédure simplifiée d'extradition entre les Etats membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 10 mars 1995;		Communications . . . . .	pages 2067 - 2068
- portant approbation de la Convention établie sur base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à l'extradition entre les Etats membres de l'Union européenne, signée à Dublin, le 27 septembre 1996;		Heure d'actualité demandée par le groupe POSL sur le plan d'action national contre la pauvreté et l'exclusion sociale . . . . .	pages 2068 - 2082
- portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'extradition, signée à Strasbourg, le 15 octobre 1975;		Question 13 avec débat de M. Jacques-Yves Henckes relative aux menaces pesant sur les crèches et foyers de jours suite aux mesures d'application de la loi dite „ASFT” du 8 septembre 1998 . . . . .	pages 2083 - 2085
- portant approbation du Traité d'extradition entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Etats-Unis d'Amérique, signé à Washington, le 1 <sup>er</sup> octobre 1996		Projet de loi 4707 relatif à la charge de la preuve dans les cas de discrimination fondée sur le sexe . . . . .	pages 2085 - 2096
Projet de loi 4660 B portant abrogation de la loi modifiée du 13 mars 1870 sur l'extradition des malfaiteurs étrangers et introduction d'une nouvelle loi sur l'extradition	pages 2052 - 2056	Projet de loi 4740 portant approbation	
Projet de loi 4657 portant		- de l'Amendement de l'article VI du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique	
1. approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchi-		- de l'Amendement de l'article XIV du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique,	
		approuvés par la Conférence Générale de l'A.I.E.A., le 1 <sup>er</sup> octobre 1999 . . . . .	pages 2096 - 2098
		Projet de loi 4741 portant approbation de la Convention sur la sécurité du personnel des Nations Unies et du personnel associé, faite à New York, le 9 décembre 1994 . . . . .	pages 2098 - 2100
		Projet de loi 4505 portant approbation de la Convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible usé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs, fait à Vienne, le 5 septembre 1997 . . . . .	pages 2101 - 2111
		Norichtchen „aus der Chamber” (11) . . . . .	pages 77 - 80
		Questions au Gouvernement . . . . .	pages jaunes 345 - 376 au milieu du compte rendu